N°3575
Entrée le 30.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.02.2026

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 30. Januar 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës **drńgend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet, an d'Madamm Minisesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden.

Enger rezenter Etüd vum Pesticide Action Network Euope (PAN Europe) warnt datt 90% vun de konventionellen Äppel aus Europa laut EU-Virschrëften net fir Kanner ënner 3 Joer gëegent sinn. Ënnert de 59 Prouwen op déi sech d'Etüde baséiert waren och 3 positiv Prouwen aus Lëtzebuerg dobäi. Am nämlechte Rapport warnt PAN Europe virun der Gefor déi vu Pestizid Cocktailen ausgeet. D'Mëschen vu verschiddene Sprëtzmëttel kënnen op onerwaarten Aart a Weise matenee reagéieren an Niewewierkungen op d'Entwécklunge vu virun allem Kanner hunn.

An deem Kontext wéilte mir follgend Froe stellen:

- Wéi evaluéiert d'Regierung d'Gesondheetsrisike, besonnesch fir kleng Kanner, am Kader vun enger laangfristeger Expositioun un *Pestizid-Cocktails*, déi an der Etüd ervirgehuewe gouf?
- Ënnersicht d'ALVA oder soss eng Lëtzebuerger Autoritéit d'Toxicitéit vun esou genannten „Pestizid Cocktailen"?
- Wéi eng Pestizide ginn zu Lëtzebuerg am heefegste matenee benotzt? A ginn et Mëschunge vu Pestiziden déi net zougelooss sinn?
- Wéi eng Moossname plangt d'Regierung, fir d'Belaaschtung duerch Pestizidréckstänn an Uebst a weidere Liewensmëttel ze reduzéieren?
- Ginn et konkret Initiativen, fir d'Eltere wéi och d'Crèchen, Spideeler an Altersheemer besser ze informéieren a z'ënnerstëtze bezüglech der Wiel vu gesonden a manner belaaschten Uebst an Liewensmëttelproduiten?

Mat déiwem Respekt,

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

Claire Delcourt                    Ben Polidori

Deputéiert                    Députéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

**lsap.lu**